PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 16/11/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.

Aus enger Etüd vun 2020 vum Robert Koch Institut geet ervir, dass 15,5 % vun de Befroten ënnert chroneschem Réckewéi leiden. Och zu Lëtzebuerg si vill Persoune vu Réckeproblemer betraff a mussen dofir e Spezialist opsichen. Aktuell soll et hei awer zu laange Waardezäite kommen. Esou soll et z. B. zu Fäll komm sinn, wou Patienten och no enger IRM-Analys, déi kloer e gesondheetleche Problem bestätege konnt, dee souguer e chirurgeschen Agréff kéint néideg maachen, nach iwwer 7 Méint musse waarden, fir e Rendez-vous bei engem entspriechende Spezialist ze kréien.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi laang musse Patienten aktuell an der Moyenne waarden, bis si e Rendezvous bei engem Orthoped/Réckespezialist kréie kënnen?
2. Wéi eng Waardezäit wär der Regierung hirer Aschätzung no hei medezinesch vertrietbar?
3. Wat gëtt gemaach, fir d'Waardezäite bei orthopedeschen Ënnersichungen ze verkierzen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député